

MÄI GUIDE

FIR 72 STONNEN AUTONOMIE



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Zesummen, fir eis ze schützen.

Är Preparatioun fänkt hei un

- ☒ **Liest dëse Guide**
a schwätzt mat Ärem Ëmfeld driwwer.
- ☒ **Stellt Äre Preparatiouns-Kit**
an Äre **perséinlechen Noutfallplang**
haut schonn zesummen.
- ☒ **Bleift informéiert.**
- ☒ **Versuergt dëse Guide** op enger
sécherer Plaz, fir e bei Bedarf
consultéieren ze kënnen.

Fir eng gutt Liesbarkeet ze garantéieren, gëtt an dësem Guide eng vereinfacht Formulierung benotzt. Domat sinn all Persounen gemengt, onofhängeg vum Geschlecht.

Editeur
Staatsministère / Haut-Commissariat à la Protection nationale

Layout
Ierace Dechmann + Partners

Drock
Imprimerie Centrale

ISBN 978-99987-697-0-0

Oktober 2026



MIXTE
Papier | Pour une gestion
forestière responsable
FSC® C103749

Iwwersiicht




1

Verstoen & Antizipéieren 4



2

Warnungen
& Informatiounen 12



3

Wat d'Autoritéite maachen 28



4

Mäi Preparatiouns-Kit
& Mäi perséinlechen
Noutfallplang 34

Zesummen, fir eis ze schützen.

**LËTZ
PREPARE!**

Zesummen, Lëtz prepare!

Resilienz ass d'Fäegkeet vun enger Gesellschaft, mat Schwiereregkeeten ëmzegoen, sech u Verännerungen oder Noutsituatiounen unzepassen an no enger Kris nees zu engem normale Fonctionnement zeréckzefannen.

Firwat kritt Dir dëse Guide elo?

Virsuergen, fir besser handeln ze kënnen

Sidd Dir prett, wann et muer zu enger Kris kënnst? E Stuerm, eng Iwwerschwemmung, e gréissere Stroumausfall oder eng Pandemie, eng Cyberattack oder eng terroristesch Menace, en Industrie- oder Nuklearaccident, oder all aner Stéierung vun eisem gesellschaftleche Liewen, déi duerch technesch Feelfunktiounen oder béiswëlleg Agrëffer vun auslänneschen Acteure verursaacht gëtt, kënnen Krisesituatiounen ausléisen. Esou Evenementer kënnen Ären Alldag nohalteg op d'Kopp geheien an den Zougang zu liewenswichtege Versuergungsleeschtungen ewéi Drénkwaasser, Stroum oder Telekommunikatiounsmëttel (Telefon, Internet) ënnerbriechen. Jidderee vun eis ka betraff sinn, an et ass dacks schwéier, d'Ausmooss oder d'Dauer vun dësen Evenementer virauszegesinn.

A grad dofir ass et esou wichteg, sech virzebereeden. D'Welt mécht haut déifgräifend technologesch, ëmweltbezunnen a sécherheetspolitesch Verännerungen duerch, déi eist Zesummeliewen neie Risiken a Menacen aussetzen. E puer einfach Verhalensweise kënnen dozou bäidroen, méi effikass ze reagéieren, sech selwer a säin Ëmfeld ze schützen an esou Situatiounen besser meeschteren ze kënnen.



An dëser Logik huet Lëtzebuerg 2025 déi national Resilienzstrategie „LëtZ prepare!“ lancéiert.

Fir den aktuellen an zukünftigen Eerausforderungen entgéintzetrieden, baut d'Land seng Capacitéiten aus, Krisen ze antizipéieren, drop ze reagéieren an se ze meeschten. Wéi vill aner europäesch Länner setzt Lëtzebuerg konkret Moossnamen ëm, fir d'Bevëlkerung besser ze schützen an d'Kontinuitéit vun den essentielle Funktiounen sécherzestellen.

Eng kollektiv Demarche

Zu enger Krisensituatioun kënn et dann, wann en ongeplangt Evenement déi vital Interessien oder essentiel Besoine vun der Bevëlkerung beanträchtegt, an hiren Alldag op Dauer beaflosst. An esou Situatiounen spille Solidaritéit, géigesäiteg Hëllef an d'Fäegkeet vun all Eenzelem, verantwortungsbewosst ze handelen, eng weesentlech Roll.

Eng gutt Preparatioun férdert eng Kultur vu Preventioun a gedeelter Verantwortung. Si stäerkt d'Resilienz vun all Eenzelem an hëlleft dobäi, an onerwaarte Situatiounen richteg ze reagéieren, effikass ze handelen an d'Konsequenze besser ze meeschten.

Einfach Geste kënnen den Ënnerscheed maachen: Si stäerken déi kollektiv Resilienz, ënnerstëtzen déi vulnerabelst Leit an erméiglechen et de Rettungsdéngschter, sech prioritär ëm déijéineg ze këmmern, déi am meeschten op hir Hëllef ugewise sinn.

Eng gedeelt Verantwortung

Déi lëtzebuergesch Autoritéiten schaffen um nationalen an um lokale Plang zesummen, fir d'Resilienz vum Land ze stäerken. Dëst kann awer nëmme geléngen, wa jidderee matschafft.

All Bierger kann, wann e sech e puer einfach Verhalensweisen uneegent a sech am Virfeld preparéiert, zu senger eegener Sécherheet, zu där vu sengem Ëmfeld an zum Wuelbefanne vun der Gemeinschaft bäidroen.

Besser informéiert a besser virbereet droe mir aktiv dozou bäi, eng Gesellschaft opzebauen, déi méi resilient a méi solidaresch op ongeplangten Evenementer reagéiere kann.




Op wat soll ee sech virbereeden?

Et ass immens wichteg, sech virzebereeden. Mee op wéi eng Geforen a Menacen? Zu Lëtzebuerg kënnen **verschidden Zorte vu Krisen** eisen Alldag beaflossen. Hei fannt Dir Beispiller vu Situatiounen, déi optriede kënnen, an Informatiounen doriwwer, wéi Dir Iech dorop virbereede kënnt an am **Eeschtfall richtig reagéiert**.

Meteorologesch Phenomeener

Stiirm, staarke Reen, Schnéi, Glatäis, Hëtztwellen oder staark Donnerwieder: Extrem Wiederkonditiounen kënnen en Afloss op d'Deplacementer, d'Energieversuergung an d'Sécherheet vun de Leit hunn. Wann Dir gutt virbereet sidd, Iech un d'Consigné vun den Autoritéiten haalt an d'Wiederwarnungen opmierksam suivéiert, kënnt Dir d'Konsequenze limitéieren an Äert Doheem besser schützen.



Wéi soll een am beschte reagéieren?

- Schränkt Är Deplacementer an a bleift dobannen.
- Wann néideg, informéiert Äert not Ëmfeld, datt Dir fortgitt a wouhinner Dir gitt.
- Bleift mat Äre Léifsten a Kontakt, fir Iech ze vergewësseren, datt si a Sécherheet sinn.
- Bréngt am Fall vun engem Stuerm Géigestänn, déi fortfléie kéinten, a Sécherheet.
- Suivéiert bei Hëtztwellen d'Gesondheitsrecommandatiounen op santesecu.public.lu



lu-alert.lu



santesecu.public.lu



Iwwerschwemmungen

Bei staarkem oder laang unhalendem Ree kann et zu plötzlechem Héichwaasser oder Iwwerschwemmunge kommen, déi d'Wunnengen, d'Infrastrukturen an d'Sécherheet vun de Leit a Gefor bréngen. Mat deene richtege Verhalensweise virun a während engem Héichwaasser kann een dës Geforen an och d'Schied reduzéieren.

Lokal si bestëmmte Gebidder dem Iwwerschwemmungsrisiko méi ausgesat ewéi anerer (d'Kaarte vun de héichwaassergefährdete Gebidder fannt Dir um Site eau.geoportail.lu).

Fir d'Auswierkungen ze limitéieren:

- Bréngt Iech net a Gefor.
- Informéiert Iech lafend iwwer Héichwaasserwarnungen via LU-Alert an, wann Dir Iech an engem héichwaassergefährdete Gebitt befannt, iwwer inondations.lu an op eau.geoportail.lu
- Iwwerpréift, ob Reewaasserofleef, Kanalisatiounen, Grief an Ofwaasserleitung fräi an an engem gudden Zoustand sinn.
- Stellt elektresch Haushaltsapparater a Polluanten am Keller an an den ënneschte Stäck méi héich.
- Féiert Är Gefierer aus dem Iwwerschwemmungsgebitt eraus (wann nach genuch Zäit ass).
- Vermeit iwwerschwemmte Stroossen an Uwänner, Kellerräim an ënnerierdesch Parkingen.
- Schalt de Stroum an deene Raim of, déi iwwerschwemmt kéinte ginn (wann nach genuch Zäit ass) a gitt ni zu Fouss duerch Waasser, dat ënner Stroum kéint stoen (Gefor vun engem Stroumschlag).



eau.geoportail.lu



inondations.lu



Cyberattacken

Cyberattacke sinn hautdesdaags eng Realitéit, déi jidderee betreffe kann. Phishing, Ransomware, Déifstall vun Donnéeën, Hacking vu Konten, oder Online-Bedruch kënnen sensibel Donnéeën kompromettéieren, wichteg Dëngschter stéieren a konkret Auswirkungen op den Alldag vun de Bierger, de Betriber an den Administratiounen hunn.

Dës Gefore kënnen mat e puer einfache Geste reduzéiert ginn.

Hutt déi richteg Reflexer:

- Iwwerpréift all ongewéinlech Demande bei der jeeweileger Persoun oder Organisatioun a benotzt dofir hir offiziell Coordonnéeën.
- Amplaz op e Link ze klicken, gitt léiwer selwer op de Site.
- Benotzt en unerkannten a geteste Passwuert-Manager, fir Är Passwierder effikass ze geréieren an ofzesécheren.
- Deelt ni Är Passwierder, Confirmatiounscooden oder Bankdonnéeën mat.
- Klickt net op Linken oder Annexen a Messagen, déi Iech verdächtig virkommen.
- Benotzt fir all Kont en eenzegt a laangt Passwuert an aktivéiert d'Zwee-Facteur-Authentifikatioun.
- Aktivéiert d'automatesch Updaté vun Äre Geräter an Applikatiounen.
- Leet Back-up-Kopie vun Ären Dokumenter a Fotoen un a versuergt déi op enger sécherer Plaz.



Verbessert Är Online-Hygiène
mathëllef vum nationale
Portal fir Cybersécherheet.
Hei fannt Dir eng ganz Rei
vu Best Practices a sämtlech
Déngschtleeschter
zu Lëtzebuerg.



cybersecurity.lu



Bei Froen am Zesummenhang
mat Online-Bedruch fannt
Dir um nationale Portal
Informatiounen doriwwer,
wat Dir als Affer ënnerhuele
kënn a wéi ee Support
verfügbar ass.



cyberfraud.lu



D'Initiativ BEE SECURE
informéiert iwwer déi richteg
Verhaltensweisen a bitt
gratis e vertrauleche
Berodungsservice un.



bee-secure.lu

Dir sidd Affer vun enger Cyberattack ginn?

Handelt séier, fir d'Konsequenzen ze limitéieren:

- Versuergt alles, wat mam Incident zesummenhängt:
Messagen, Linken, Screenshots oder Bezuelbeweiser.
- Wann e Kont kompromettéiert ass, ännert déi betraffe
Passwierder a vergewëssert Iech, datt all onbekannt Geräter
vun Ärem Kont deconnectéiert sinn.
- Am Fall vun engem Finanzbedruch, kontaktéiert direkt
Är Bank oder Worldline, blockéiert déi betraffe Bezuelmëttel
an iwwerpréift, ob d'Transaktiounen gestoppt oder contestéiert
kënne ginn.
- Wann Dir mengt, e Gerät wier infizéiert, trennt et vum Réseau
a loosst et iwwerpréiwen.

Terroristesch Menace

Lëtzebuerg kann, wéi och aner Länner, enger terroristescher Menace ausgesetzt sinn. D'Autoritéite bewäerten dës Menace reegelméisseg an ergräifen, wann néideg, entsprecheend Moossnamen, fir d'Bevëlkerung ze schützen.



Bleift opmierksam:

- Passt gutt op, wat ronderëm Iech geschitt, besonnesch op Plaze mat ville Leit, am ëffentlechen Transport, an ëffentleche Gebaier a bei grouse Versammlungen.
- Mellt all Verhalen oder Situatioun, déi wierklech ongewéinlech oder verdächtig ass, der Police oder dem Sécherheetspersonal.
- Beréiert kee verloossenen oder verdächtige(n) Objet a kommt him net ze no. Mellt en.
- Respektéiert d'Sécherheetskontrollen an d'Instruktiounen.

Am Fall vun engem Ugrëff oder onmëttelbarer Gefor:

- Gitt vun der Gefor ewech, wann dat méiglech ass, ouni Iech domat nach méi a Gefor ze bréngen.
- Sicht eng sécher Plaz op a maacht, wa méiglech, d'Zougäng zou oder blockéiert se.
- Bleift onopfällg a maacht net op Iech opmierksam, wann Dir Iech verstoppe musst.
- Rufft d'Police an d'Rettungsdéngschter, soubal Dir dat maache kënnt, ouni Iech selwer a Gefor ze bréngen.
- Befollegt d'Uweisung vum der Police an de Rettungsdéngschter a gitt eréischt zeréck op d'Plaz, wann Dir dozou autoriséiert sidd.
- Wann Dir a Sécherheet sidd, ënnerstëtzt d'Police an d'Rettungsdéngschter bei hirem Asaz, andeems Dir hinnen déi néideg Informatiounen gitt an hinnen de Wee fräihaalt.



Atomaccident

Och wann d'Warscheinlechkeet vun engem Atomaccident ganz geréng ass, kann en hefteg Konsequenze fir d'Bevëlkerung an d'Ëmwelt hunn. Wann ee sech mat de Sécherheetsvirschrëften auskennt a sech am Virfeld drop virbereet, kann ee sech besser schützen an d'gesondheetlech Risike reduzéieren.

Hei sinn déi wichtegst Preventiouns- a Schutzmoossnamen:

- Haalt Iech iwwer LU-Alert an d'Medien um Lafenden.
- Bréngt Iech a Sécherheet.
- Maacht d'Dieren, d'Fënsteren an d'Rolllueden zou.
- Schalt d'Ventilatioun, d'Klimaanlag an de Loftdrockreegler aus.
- Haalt Är Kaliumiodidpëlle bereit.

Opgepasst: Huel dës Pëllen nëmmen an, wann d'Autoritéiten dozou opruffen. D'Jodpëlle si fir Leit ënner 45 Joer geduecht.

Iwwer deen Alter eraus gëtt an der Reegel dovun ofgeroden, se anzehuelen.



Consultéiert d'Broschür
„Wat maache bei Atomalarm?“
op infocrise.lu



2

Wéi gitt Dir am Fall vun enger Kris gewarnt an informéiert?


An enger Krisesituatioun setzen d'Autoritéiten alles drun, fir d'Bevëlkerung esou séier ewéi méiglech ze informéieren.

LU-Alert ass den nationale Warn- an Informatiounssystem fir d'Bevëlkerung. Iwwer dëse System kënnen d'Autoritéiten Iech séier an direkt am Fall vun enger Noutsituatioun informéieren.

Fir méiglechst vill Leit esou séier ewéi méiglech ze erreechen, ginn déi offiziell Message gläichzäiteg iwwer verschidden zousätzlech Kommunikatiounskanäl diffuséiert, jee nodeem, ëm wéi en Evenement et sech handelt, wéi schwéier et ass a wéi eng Kommunikatiounsmëttel verfügbar sinn.

Et handelt sech hei besonnesch ëm d'**Sireenen**, de **Cell Broadcast**, **geolokaliséiert SMSen**, d'**App** an den **Internetsite LU-Alert**, déi **traditionell Medien**, déi offiziell sozial Reseauen oder aner Internetsitte vun den Autoritéiten.

Dës Multikanal-Approche garantéiert eng séier, kohärent a méiglechst breet Diffusioun vun den Informatiounen a Consignen, déi d'Bevëlkerung schützen sollen. Si erhéicht och d'Warscheinlechkeet, datt all d'Bierger de Message kréien, onofhängeg dovunner, wéi en Informatiounskanäl si benotzen.



LU-Alert informéiert Iech:

- ✓ **Virum engem Evenement,**
fir datt Dir d'Geforen antizipéieren
an Iech virbereede kënnt.
- ✓ **Während dem Evenement,**
fir d'Konsequenzen ze limitéieren
an Iech ze hëllefen, Iech ze schützen.
- ✓ **Nom Evenement,**
a verschiddene Situatiounen,
fir Iech ze informéieren,
datt d'Gefor eriwwer ass.

Méi
Informatiounen:



lu-alert.lu

Warnstufen

D'Autoritéiten (zum Beispill, d'Waasserverwaltung, d'Lëtzebuerger Veterinär- a Liewensmëttelverwaltung, de Groussherzogleche Feuer- a Rettungscorps (CGDIS), den Haut-Commissariat à la Protection nationale, MeteoLux, d'Police Lëtzebuerg) wielen, jee nodeem, wéi schlëmm d'Situatioun ass a wéi en Impakt se huet, déi Warnstuf an dee Kanal aus, déi am beschte gëeegent sinn, fir d'Bevëlkerung ze informéieren oder ze warnen.

Progressiven Zenario



Warnstuf giel / Sidd opmierksam:
gerénge Risiko / potenziell Gefor



Warnstuf orange / Sidd virsiichteg:
mëttlere Risiko / Gefor



Warnstuf rout / Absolut Virsiicht:
héije Risiko / grouss Gefor

Imminenten Zenario



Warnstuf mof:
Akut Gefor / Direkt handeln



Informationsmedien

D'Informationsmedien (Printpress, Radio, Televisioun an Online- Informationsmedien) sinn essentiel Relaisen, fir der Bevëlkerung séier zouverlässeg Informatiounen matzedeelen. De Radio ass ëmmer nach e besonnesch resilienten Informationskanal, grad wann de Strom ausgefall ass oder d'Telekommunikationsreseau gestéiert sinn.





Internetsite

Sämtlech Warn- an Informationsmessagë ginn um Internetsite **lu-alert.lu** verëffentlecht.



Mobil Applikatioun

Mat der App kënn Dir all d'Warnungen an Informatiounen suivéieren, déi d'Autoritéiten iwwer de System LU-Alert erausginn. Dir kënn Är Notifikatiounen och no Kategorien, Warnstufen a geografeschen Zonen, iwwer déi Dir gewarnt oder informéiert wëllt ginn, personaliséieren.

D'Warn- an Informationsmessages, déi op e manner schlëmmt Evenement hiweisen (z. B. am Beräich vun der Liewensméttelsécherheet), ginn an der Reegel nëmmen iwwer d'App iwwermëttelt.



Luet Tech elo gratis am „Apple App Store“ oder am „Google Play Store“ déi mobil Applikatioun LU-Alert erof, fir all d'Warnungen an Informatiounen ze suivéieren, déi d'Autoritéiten erausginn.



Geolokaliséiert SMSen

Am Fall vun enger reeller oder grousser Gefor schéckt LU-Alert eng geolokaliséiert SMS un all d'Persounen, déi sech an deem betrouffene Gebitt befannen.

Dëse Message gëtt empfangen, onofhängeg vum Handy-Provider.





Cell Broadcast (CB)



De Cell Broadcast gëtt agesat am Fall vun enger grousser oder imminenter Gefor, op déi direkt reagéiert muss ginn.

De Message gëtt direkt iwwer d'Handysreseauen diffuséiert an erlaabt et, all déi kompatibel Telefonen an deem betraffene Gebitt ze erreechen. Déi prioritär Alert gëtt vun engem speziellen akustesche Signal a vun enger Vibratioun begleet, souguer wann den Telefon op stomm geschalt ass, fir direkt d'Opmierksamkeet vun de Persounen, déi sech a Gefor befannen, ze kréien.



Sireenen



D'Sireene ginn agesat, fir d'Bevëlkerung am Fall vun enger Gefor ze warnen. Si kënnen um lokalen oder nationale Plang ausgeléist ginn, jee nodeem, ëm wéi en Evenement et sech handelt. All éischte Méindeg am Mount gëtt um zwielef Auer mëttes en Test gemaach. Bei Sireenenalarm ginn et ënnerschiddlech akustesche Signaler.

Ofspillen 	Signal	Typ vu Signal	Wat ze maachen ass
	60s	Test all Mount Onënnerbrachen Toun	Keng Aktioun néideg.
	2 min	Warnsignal Onënnerbrachen Toun	Bréngt Iech a Sécherheet an informéiert Iech (iwwer déi offiziell Warnkanäl an d'Medien). Suivéiert d'Consigné vun den Autoritéiten.
	 60s	Nationalt Alarmsignal Op- an ofschwëllen- den Toun	Bréngt Iech esou séier ewéi méiglech an engem stabillen, zouene Gebai a Sécherheet.
	 60s	Enn vum Alarm Op- an ofschwël- lenden Toun mat Ënnerbriechung	Gefor eriwwer. Normal Aktivitéiten nees ophuelen.



Wichtig Verhalensreegelen

- Haalt Iech un d'Consignë vun den Autoritéiten.
- Informéiert Iech bei den Autoritéiten, den unerkannte Medien an den offiziellen Informationskanäl.
- Iwwerprüft all Informatioun, éier Dir se weidergitt, andeem Dir se mat e puer offizielle Quellen ofgläicht.
- Limitéiert d'Benotze vum Telefon, fir d'Leitung fir d'Rettungsdéngschter fräizehalen.



Iwwerprüft, éier Dir eng Informatioun gleeft oder se weidergitt, **wie** se verëffentlecht, **wéini** se verëffentlecht gouf, **wouhier** se staamt an ob **aner zouverlässege Quellen** se confirméieren.

Am Zweiwelsfall consultéiert déi offiziell Kanäl vun den Autoritéiten. **Verbreet keng Warnung**, déi net vun enger offizieller Quell bestätegt ass.

Firwat gött eng Autonomie vun 72 Stonnen ugeroden?

Genuch Reserve fir 72 Stonnen ze hunn erlaabt Iech,
Är Grondbedierfnesser an den éischten dräi Deeg vun enger Kris ze
decken, wann Dénsgchter, Transport, Kommunikatioun oder Versuergung
zäitweis gestéiert sinn.

Dës Recommandatioun, déi vu villen europäesche Länner ugeholl
gouf, berout op den Erfarungen aus rezente Krisen. Déi éischt Stonne
sinn dacks déi kriteschst: D'Autoritéiten an d'Noutdénsgchter müssen
d'Situatioun evaluéieren, hir Asätz organiséieren an als Éischt deene
vulnerabelste Persounen hëllefen.

Wann Dir virbereet sidd, kënnt Dir fir Är essentiel Besoine suergen,
Äre Stot schützen an, wann néideg, Ärer Famill a Frënn oder Ären Noperen
hëllefen. Domat drot Dir dozou bäi, datt d'Noutdénsgchter sech op déi
dréngendst Situatioune konzentréiere kënnen.


**D'Virbereedung vun all Eenzelem ergänzt d'Aarbecht
vun den Autoritéiten a mécht eis Gesellschaft als Ganzt
méi widerstandsfäeg.**



Den Dominoeffekt vun engem allgemenge Stroumausfall

Och wann d'Warscheinlechkeet vun engem allgemenge Stroumausfall zu Lëtzebuerg kleng ass, wieren d'Konsequenzen hefteg a géife wäit iwwer d'Ënnerbriechung vun der Stroumversuergung erausgoen. Esou eng Situatioun kann och duerch e béiswëllegen auslänneschen Acteur verursaacht ginn, zum Beispill am Kader vun engem hybriden Ugrëff / Krich. An eiser Gesellschaft, déi staark vum Stroum ofhängeg ass, kann eng gréisser Pann zu engem Dominoeffekt féieren, dee sech op d'**Telekommunikatioun**, d'**Drénkwaasserversuergung**, den **Transport**, den **Handel**, d'**Gesondheetsversuergung**, d'**Bezuelsystemer** an aner **essentiell Dëngschter** auswierkt.

Dofir sinn déi éischt Stonne besonnesch wichteg, fir déi eege Sécherheet ze garantéieren a mat de Perturbatiounen ëmzegoen.




Stroom, Heizung a Wunneng

- Ausfall vun der Belichtung
- Ausfall vun den Haushaltsgeräte (Frigoen, Tifküleren, Kachmaschinen, Mikrowellen, Bakiewen)
- Ausfall vun der Heizung, der Klimaanlage oder der Waarmwaasserversuergung, jee no Installatioun
- Ausfall vun de Lifter an den techneschen Ekipementer an de Gebaier

Telekommunikatiounen

- Onstabil oder net verfügbar mobil Netzwierker an Internetverbindungen
- Perturbatioun vun den digitalen Déngschter (Applikatiounen, Online-Déngschter, administrativ Plattformen)
- Schwierigkeeten, fir unzeruffen oder Noriichten ze verschécken
- Noutdéngschter staark sollicitéiert
- Kommunikatioun mat den Noutdéngschter ageschränkt oder ënnerbrach



Drénkwaasser an Ofwaasserentsuergung

- Méiglech Perturbatiounen bei der Versuergung mat Drénkwaasser a beim Fonctionnement vun den Ofwaasserentsuergungssystemer (Toiletten, Duschen)
- Ageschränkte Fonctionnement vu verschiddenen Opbereedungs- oder Pompelinstallatiounen

Transport a Verkéier

- Rout Luuchten ausser Betrieb
- Stéierungen am öffentlichen Transport an am Fluchverkéier
- Beanträchtegen am Verkéier
- Bensinnspompele funktionéieren net oder sinn net verfügbar



Gesondheet


- Auswirkungen op de Betrib vun de Spideeler an den Rettungs- an Noutdängschter

Paieementer a Versuerung

- Bancomate falen aus
- Perturbatioune bei den elektronesche Paieementer
- Verschidde Geschäfte bliewen zou
- Jee no Dauer vun der Pann, Engpäss bei der Versuerung


Waasser- an Offallgestioun

- Méiglech Perturbatioun vun der Ofwaasser- a Reewaasserentsuerung bei verschidde Pompelinstallatiounen
- Gefor vun Iwwerlafen oder lokalen Iwwerschwemmungen, besonnesch am Fall vu staarkem Reen
- D'Asammele vum Offall kann a verschidde Gemenge Verspéidung hunn oder gestéiert sinn



Am Fall vun engem allgemenge Stroumausfall ass e **Radio mat Batterien, mat engem opluedbaren Akku oder mat enger Kierb** eent vun den zouverlässegste Mëttelen, fir déi offiziell Informatiounen ze empfänken.


Wat géift Dir maachen, wann et zu Lëtzebuerg zu engem **allgemeine** **Stroumausfall** kéim?



Dës **fiktiv 72-Stonne-Simulatioun** illustréiert déi méiglech Entwécklung vun engem allgemenge Stroumausfall an den Dominoeffekt, deen dëst Evenement op den Alldag kéint hunn. Si beschreift nëmmen **ee méiglechen Zenario** ënnert de ville Krisesituatiounen, déi entstoe kéinten.

D'Zil ass net, de geneeën Oflaf vun enger Kris virauszesoen, mee Iech dobäi ze hëllefen, Iech op eng aussergewéinlech Situatioun virzubereeden, Är essentiel Besoinen ze erkennen, méiglech Schwieeregkeeten ze antizipéieren a passend Léisungen ze fannen.

Dës Simulatioun weist och, wéi wichteg eng individuell Virbereedung an déi géigesäiteg Hëllef tëschent Noperen, dem noen Ëmfeld an der Gemeinschaft sinn, an datt et onëmgänglech ass, sech un d'Consignë vun den Autoritéiten ze halen, fir d'Resilienz vun all eenzeler Persoun ze stäerken.



Dag 1

Stellt Iech vir: Mir sinn am Januar, et ass Méindeg,
Dir sidd op der Aarbecht an op eemol fält de Stroum aus.
Keng Luucht méi. D'Schiermer vun de Computere sinn
op ee Coup schwaarz. De Wifi ass net méi ze erreechen.
Am ganze Quartier ass et däischter.

Dir denkt fir d'éischt emol un eng temporär Pann.
Dir gitt duerch d'Trapenhaus bei Är Aarbechtskolleegen.
Verschiddener vun hinnen hängen am Lift fest.
Dir probéiert, d'Rettungsdéngschter unzeruffen,
mee d'Leitung ass iwwerlaascht.

Ären Telefon weist nach 72 % Akkuluedung.

Op Ärem Telefon gëtt en Informationsmessage vun LU-Alert

ugewisen: "Coupure générale d'électricité. Großflächiger Stromausfall.
Major power outage. Official information: RTL Radio and radio 100.7"

Op der Strooss ginn d'rout Luuchten net an d'Autoe fänken un, d'Kräizung
ze blockéieren. En Automobilist klëmmt aus sengem Auto, fir de Verkéier
ze reegelen, a kritt spontan vun engem Foussgänger gehollef. Vu Wäitem
héiert een d'Sireene vun de Rettungsdéngschter.

U weiderschaffen ass net ze denken: kee Stroum, keen Internet,
keen Telefon, keng Heizung. Dir wëllt heemgoe bei Är Léifsten.


Dir schafft zwar an der Stad, mee Dir wunnt am Süde vum Land a kommt
mam Zuch op d'Aarbecht. Ouni Stroum fiert weeder en Zuch, nach en
Tram oder e Bus.

E Kolleeg, deen och am Süde wunnt, bitt un, Iech mam Auto matzehuelen.
Dir wësst, datt Är Kanner an der Schoul, no bei Ärem Haus, a Sécherheet
sinn. Dir gitt se sichen, soubal Dir doheem ukommt.

An Dir, hutt Dir schonn eng Kéier iwwer esou Situatiounen nogeduecht?

- **Wéi informéiert ee sech, wann de Réseau ausfällt?**
- **Wéi bleift ee mat sengem noen Ëmfeld a Kontakt,
wann de Réseau net méi funktionéiert?**

Stellt Ären Noutfallplang (um Schluss vun dësem
Guide ze fannen) am Viraus op,
fir op dës Zenarie virbereet ze sinn.



Sech deplacéieren

Soubal Dir doheem sidd, limitéiert Är Deplacementer op dat Néidegst a bleibt am Quartier.

Luucht hunn a sech waarm halen

Dir gitt Äre Preparatiouns-Kit sichen an huet Är Täscheluucht, Är Käerzen a Fixspéin eraus, fir den Owend ze verbréngen.

Dir huet Iech Decken a waarm Kleeder a loosst d'Rollluede manuell erof, fir d'Wärmt am Haus ze halen.

Informéiert bliwen

Dir schléisst Ären Telefon un den (opgeluedenen) externen Akku un, fir vun LU-Alert iwwer d'Entwécklung vun der Situatioun informéiert kënnen ze ginn.

Dir benotzt e Radio mat Batterien oder enger Kierb oder, wann der där keen hutt, Ären Autosradio, fir déi offiziell Informatiounen ze suivéieren (Radioen RTL, 100.7).

Iessen an drénken

Dir benotzt Äre Gaskocher an d'Reserve vun Ärem Preparatiouns-Kit.

Dir leet Drénkwaasserreserven un, soulaang nach Waasser aus dem Krunn kënnt.

Dir maacht de Frigo an den Tifküler esou mann wéi méiglech op, fir d'Reschtkeelt ze erhalen.



Opgepasst: Benotzt ni an engem Banneraum e Grill, eng Feierschuel oder en anert Verbrennungsgerät, dat fir dobausse geduecht ass. Dobäi ka Kuelemonoxid fräigesat ginn, e potenziell déidleche Gas, deen een net gesäit a net richt.

Sech ëm säin not Ëmfeld këmmen



Kuckt no Ären Noperen, besonnesch no deene vulnerabelsten, a bitt hinnen, wann néideg, Är Hëllef un.

Wann Är Eltere méi wäit ewech wunnen an Dir net direkt bei si fuere kënnt, sollt Dir am Viraus e Plang mat hinnen ausschaffen a sécherstellen, datt si fir e puer Deeg dat Néidegst hunn.

Dag 2

Dir erwächt ouni Wecker, well den Telefon ausgeschalt ass, fir den Akku ze schounen. Et ass nach ëmmer kee Stroum do. Am Haus gëtt et ëmmer méi kal. Glécklecherweis kënn Dir Iech mam Gaskocher e waarmt Gedränk preparéieren.

Sech wäschen

Aus dem Krunn kënn kee Waasser méi.
Dir benotzt Är Reserven, fir Iech kuerz ze wäschen.


Toiletten: D'Chasse funktionéiert net méi.

Gesond bleiwen

Am Frigo ginn d'Liewensmëttel net méi richteg kill gehalen.
Well Wanter ass, kënn Dir se zäitweileg dobausse stockéieren.

Denkt drun, d'Killketten ze respektéieren.

Dir fuert mam Vëlo an d'Duerf.
D'Geschäfte si weinst dem Stroumausfall zou.
Verschidden ëffentlech Déngschter si mat engem reduziéierten Horaire op a funktionéieren mat Noutstroumaggregater.
D'Spidol bleift fir Urgencen op, mee de Betrib ass staark beanträchtegt, wat zu enger méi lueser Versuergung vun de Patiente féiert.



Dir hutt Iech am Virus iwwer d'Noutfalldéngschter (Centre d'incendie et de secours (CIS), Commissariat, Spidol) an der Géigend vun Ärem Doheim oder Ärer Aarbechtsplaz informéiert.

D'Erëmkomme vum Stroum virbereeden

Dir zitt de Stecker vun de Frigoen, Tifküleren, Televisiounen a Computeren eraus, fir eng Iwwerlaaschtung vum Stroumnetz ze vermeiden, wann de Stroum erëmkennt.



Informéiert bleiwen

Dir schount den Akku vun Ärem Telefon an aktivéiert den Energiespuermodus.

Dir lauschtert weiderhin de Radio a suivéiert déi offiziell Informatiounen a Consignen.

D'Autoritéite confirméieren iwwer RTL, datt d'ganz Land vum Stroumausfall betraff ass. D'Stroumversuergung soll Zon fir Zon nees hiergestallt ginn, mee et ass nach net gewosst wéini dat soll geschéien.

Et gi vill Rumeuren. An et zirkuléiere vill Messagen. Verschiddener si widdersprécklech, anerer beinhalte beonrouegend Informatiounen. Dir evitéiert net iwwerprüefte Informatiounsquellen a Spekulationen. Dir tauscht Iech mat Ärem noen Ëmfeld a mat Ären Nopere(n) aus, gitt awer nëmmen déi offiziell Informatiounen weider.

Sech beschäftegen a sech ëm säin not Ëmfeld këmmen

Dobausse spillen d'Kanner am Schnéi. Är Nopere lueden Iech an, Iech bei de Kamäi wieren ze kommen.

Dir verbréngt e gesellege Moment mat Poteren a Gesellschaftsspieler. Trotz der Situatioun bleift Dir roueg an entspaant.

Dir hutt nach genuch Béchsen a Waasserfläschen, fir Iech ze ernären. D'Kanner erliewen d'Situatioun wéi e grousst Abenteuer.





Dag 3

De Stroom ass ëmmer nach net erëm.

Dir hutt schonn eng Routine: de Radio lauschteren, de Kaffi virbereeden, bei den Nopere laanschtgoen, Informatiounen austauschen.

Am Quartier huet sech e System vu géigesäiteger Hëllef etabléiert.

An dësem Zenario kann d'Gemeng hire Bierger e provisoreschen Opnamzenter proposéieren, deen d'Mindestufuerderunge vum RESILIENZBONUS erfëllt. Sou kënnen d'Bierger an engem gehëtzte Raum zesummekommen, wou si och e waarmt Gedränk kréien, sech informéieren a Gesellschaftsspiller spille kënnen. Do gëtt et Decken a liebensnoutwendeg Produiten, déi un déi verdeelt ginn, déi se brauchen. Mam Noutstroomaggregat kënnen Handyen opgeluede ginn.

En improviséierte Sproochecafé entsteet, verschiddener iwwersetzen d'Informatiounen fir déijéineg, déi net gutt Lëtzebuergesch verstinn. An deem Moment meldt de Radio, datt d'Stroomversuerung Zon fir Zon nees hiergestallt gëtt.

Dir sidd erliichtert, midd, mee houfreg. Dank Ärer Virbereedung an dank der Solidaritéit hutt Dir dës dräi Deeg iwwerstanen, ouni ënnert der Situatioun ze leiden, an ouni Panik.

Doheem schléisst Dir d'Apparater nees un an zitt e Bilan:

Wat huet gefeelt?

Wat muss ergänzt ginn?



3

Wat maachen d'Autoritéiten am Fall vun engem allgemenge Stroumausfall?

Bei engem allgemenge Stroumausfall evaluéieren d'Autoritéiten d'Situatioun, aktivéieren, wann néideg, d'Mechanisme fir de Krisenmanagement a koordinéieren d'Moosname mat den zoustännege Bedreier, fir d'Stroumversuergung esou séier ewéi méiglech nees hierzestellen.

Den „**Plan d'intervention d'urgence en cas de rupture d'approvisionnement en énergie**“ gëtt aktivéiert.





Evaluatioun a Stabiliséierung vum Reseau

Direkt an den éischte Minutten identifizéiert de Gestionnaire vum Reseau

- d'Ursach vum Ausfall,
- déi betreffen Zonen,
- déi warscheinlech Dauer vun der Ënnerbriechung.

Bei engem allgemenge Stroumausfall gëtt de Rekonstitutiounsplang lancéiert, fir d'Netz no an no nees ze alimentéieren.

Informatioun vun der Bevëlkerung

Während der ganzer Kris informéieren d'Autoritéiten d'Bevëlkerung reegelméisseg iwwer d'Entwécklung vun der Situatioun an dat jeeweils richtegt Verhalen. Si leeë Wäert drop, zouverlässeg, kohärent, transparent an aktualiséiert Informatiounen ze verbreedeen, fir datt jiddereen déi richteg Entscheedungen treffen an zu der kollektiver Sécherheet bäidroen kann.

Privilegiéiert Kanäl sinn, ënner anerem

- de Radio (RTL, 100.7), deen iwwer e Radio mat Batterien oder enger Kierb oder den Autoradio gelauschtert ka ginn,
- LU-Alert (souwäit d'Telekommunikatiounsnetzer weider disponibel sinn),
- déi offiziell Online-Kanäl, ewéi infocrise.lu, wann den Zougang zum Internet nach méiglech ass.



infocrise.lu

Organisatioun vun der Hëllef um Terrain

Um lokale Plang setzen d'Gemengen, jee no Situatioun an op der Grondlag vum uwendbare lokale Resilienzplang (PLR), d'Hëllefsmoosnamen ëm. Heizou ziele besonnesch déi temporär Aariichtung vun Opnam- an Hebergementszenteren, déi och Luedstatiounen an Informatiounsposte bereetstellen.


Doriwwer eraus kënnen d'national Autoritéiten dank der nationaler Reserv fir spezifesch Capacitéite mam Numm „RESC-LU“ déi lokal Autoritéiten ënnerstëtzen, wann eng national Kris oder d'Konsequenze vun engem Accident, engem Schuedfall oder enger Katastroph deenen hir Reaktiounscapacitéiten iwwerschreiden.

D'Hëllef- a Rettungsdéngschter ewéi de CGDIS, d'Police Lëtzebuerg an eventuell d'Lëtzebuerger Arméi, ginn och mobiliséiert, fir d'ëffentlech Uerdnung ze erhalen, déi sensibel Zonen ofzesécheren an d'Operatiounen um Terrain ze ënnerstëtzen.

D'Stroumversuergung no an no nees hierstellen

D'Stroumversuergung gëtt no an no, Zon fir Zon, an enger festgeluechter Reiefolleg a mat präzisen technesche Contrainten, nees hiergestallt.

Während der ganzer Dauer vum Ausfall koordinéieren d'Autoritéiten d'Moosnamen, passe se un an informéieren d'Bevëlkerung, bis d'Situatioun sech normaliséiert huet.




Aktivéierung vun der Cellule de crise (CC)

Am Fall vun engem allgemenge Stroumausfall gëtt de Regierungsplang „Rupture d'énergie“ aktivéiert. An deem Fall gëtt eng Cellule de crise (CC) aberuff, fir d'Situatioun um nationale Plang ze geréieren.

Membere vun der CC:

- d'Autoritéiten
- d'Rettungsdéngschter
- d'Déngschter vun der bannenzeger Sécherheet
- déi technesch Experten
- d'Gestionnaire vum Stroumnetz



Mesuren, déi vun der CC geholl ginn:

- koordinéiert d'Moossnamen um nationale Plang
- hëlt dréngend Entscheedungen
- steiert d'Operatiounen, bis d'Situatioun sech normaliséiert huet

Parallel Aktivéierung:

- vun enger **Cellule d'évaluation**, déi d'Entwécklung vun der Situatioun kontinuierlech analyséiert
- vun enger **interministerieller Cellule opérationnelle**, déi den Optrag huet, d'Ëmsetzung vun de strateegeschen Entscheedungen vun der CC ze iwwerwaachen
- vun enger **Cellule communication et information**, déi fir d'Informatioun vun der Ëffentlechkeet zoustänneg ass

Kritesch Infrastrukturen ewéi d'Spideeler, d'Rettungsdéngschter, d'Drénkwaasser- an Telekommunikatiounsdéngschter, d'Transportwiesen a verschidden essentiel ëffentlech Déngschter setze Resilienzmoossnamen ëm, fir d'Kontinuitéit vun hire Servicer am Fall vun engem allgemenge Stroumausfall esou wäit ewéi méiglech sécherzestellen.

D'Virgoe vun den Autoritéiten

Krise bewältegen ass eng Responsabilitéit, déi mir alleguer deelen. Bierger, Gemengen, national Autoritéiten an europäesch Partner schaffen zesummen, fir Krise virzegräifen, sech drop virzebereeden, d'Bevëlkerung ze schützen an de Fonctionnement vun den essentielle Services sécherzestellen.

Krise maachen net un de Grenzen Halt. Dofir schaffen d'Autoritéiten enk mat hiren europäeschen an internationale Partner zesummen. Si tauschen Informatiounen aus, koordinéieren hir Moossnamen a kënnen sech géigesäiteg hëllefen, andeem se gemeinsam Ressourcen bereitstellen an notzen, fir méi effikass op Krisensituatiounen ze reagéieren.


Um lokalen Niveau

D'Gemenge sinn, jee no Lag, Charakteristiken an Ëmfeld, ënnerschiddleche Risiken ausgesat. Gebidder laanscht d'Waasser kënnen méi vun Iwwerschwemmunge betraff sinn, aner Gemenge méi vu Bësch- oder Vegetatiounsbränn, Äerdbeben, Industrieaccidenten oder Risiken am Zesammenhang mat den Transportinfrastrukturen.

Fir dës Risiken besser anticipéieren ze kënnen, schafft all Gemeng e lokale Resilienzplang aus, deen un hir territorial Spezifitéiten ungepasst ass.

Beispiller vu Moossnamen:

- Ermittlung an Upassung op der Basis vun den technesche Krittere vum RESILIENZBONUS
- Organisatioun vun der Versuerung (Waasser, Liewensméttel)
- Mutualiséierung vun de Ressourcen tëscht de Gemengen (Pompelen, Gruppen, Gefierer, Gebaier asw.)





Um nationalen Niveau

Um nationalen Niveau ass de Schutz vun der Bevëlkerung eng vun de wichtigsten Aufgabe vum Staat. Aus deem Grond existéiere Krisenmanagementsystemer a -pläng, déi jee no Situatioun aktivéiert ginn. Déi national Resilienzstrategie stäerkt dës Capacitéit, andeem se um Niveau vun der Regierung a vun der Gesellschaft eng koordinéiert Approche ubitt.

Beispiller vu Moosnamen:

- National Krisenmanagementexercicen (z. B.: Test vun de Warnmechanisme fir d'Bevëlkerung)
- Entwécklung vum LU-Alert-System
- Sensibiliséierungscampagnë fir d'Bevëlkerung
- Preparatioun vun de kriteschen Entitéiten
- Stäerkerung vun der Cybersécherheet
- Stäerkerung vun der öffentlech-privater Partnerschaft
- Arichtung vun der nationaler Reserv fir spezifesch Capacitéiten „RESC-LU“ am CGDIS


4

Sech an 3 Etappe virbereeden

Wann een op eng Kris virbereet ass, bleibt ee méi entspaant a ka méi effikass reagéieren, falls se tatsächlech antrëfft.

Preparéiert Iech haut schonn – stellt déi essentiel Produiten zesummen a schwätzt mat Ärem noen Ëmfeld, besonnesch mat deene vulnerabelsten, doriwwer.

Andeems ee sech virbereet, handelt ee schonn!



- ✓ 1. **Stellt** Äre Preparatiouns-Kit zesummen.
- ✓ 2. **Bereet** Äre perséinlechen Noutfallplang vir.
- ✓ 3. **Schwätzt** mat Ärem Ëmfeld doriwwer a **bitt** Är Hëllef un.

1. Stellt Äre Preparatiouns-Kit zesummen

Dëse Preparatiouns-Kit enthält alles, wat Dir braucht, fir an den éischten Deeg doheem autonom ze sinn, wann d'Versuergung schwiereg gëtt.

D'Checklëscht an dësem Guide hëlleft Iech, Äre Kit zesummenzestellen.

Passt Äre Kit un Är Situatioun un:

- Kuckt no, wat Dir schonn doheem hutt.
- Ergänzt d'Basislëscht mat de Produiten, déi Dir braucht: fir Bëbeeën oder Kanner, Déieren, Medikamenter...
- Versuergt de Kit op enger sécherer a liicht zougänglecher Plaz.
- Haalt e Kuerf bereet, deen Dir am Noutfall fëllen a mathuele kënn.

Frot, wann néideg, eng Persoun aus Ärem Ëmfeld oder en Noper ëm Hëllef.

2. Bereet Äre perséinlechen Noutfallplang vir

Am Virus plange bedeit, d'Organisatioun mat Ärem noen Ëmfeld ofzestëmmen (wou trëfft ee sech, wéi kontaktéiert ee sech ouni Telefon, wichteg Nummereken um Pabeier).

Fëllt den Noutfallplang fir d'Famill aus, deen an dësem Guide integréiert ass. **Versuergt onbedéngt eng Pabeiversioun, déi accessibel ass**, wann de Stroum ausfale sollt.




3. Schwätzt mat Ärem Ëmfeld driwwer a bitt Är Hëllef un

Dëse Guide riicht sech un déi gesamt Bevëlkerung vu Lëtzebuerg: Mir sinn alleguer betrafft!

Tauscht Iech mat Ären Noperen an Ärem noen Ëmfeld aus, organiséiert géigesäiteg Hëllef, encouragéiert d'Preparatioun vun engem Preparatiouns-Kit an ënnerstëtzt isoléiert oder vulnerabel Persounen.

Zesumme méi staark


An enger Krisesituatioun sinn et déi tëschemënschlech Bezéiungen an d'Solidaritéit am noen Ëmfeld, déi den Ënnerscheid maachen. Obwuel d'Autoritéiten an d'Rettungsdéngschter op vill verschidden Zenarioe preparéiert sinn, kënnen sech déi éischt Stonnen als besonnesch schwieereg erweisen. D'géigesäiteg Hëllef an den Engagement vun de Bierger sinn an deem Moment immens wichteg, fir hir Moossnamen ze ergänzen.



Jiddereen huet säi Bäitrag ze leeschten

An enger Kris kann all Bierger dozou bäidroen, déi kollektiv Resilienz ze stäerken. Dir kennt Äert Ëmfeld, Äre Quartier an déi Leit, déi Hëllef brauche kéinten. Andeem Dir opmierksam bleift an hëllef, wou Dir kënnt, drot Dir dozou bäi, déi Vulnerabelst ze schützen an d'Effikassitéit vun der kollektiver Reaktioun ze stäerken. Déi einfachst Geste sinn heiansdo déi wäertvollst: engem aus sengem noen Ëmfeld hëllefen, säi Preparatiouns-Kit zesummenzestellen, seng Kompetenzen oder säi Material deelen oder och nach déi Vulnerabelst ënnerstëtzen.

Resilienz entsteet net eréischt an der Kris, mee gëtt all Dag opgebaut. Si leeft vun engem staarken Zesummenhalt, vu géigesäiteger Hëllef a Solidaritéit. Wa mir haut schonn dat stäerken, wat eis matenee verbënnt, si mir muer besser op Schwieeregkeete virbereet a kënnen dozou bäidroen, d'Rettungsdéngschter ze entlaaschten, wann si besonnesch staark gefuerdert sinn.



Wéi kann ee sech engagéieren?

En Éischt-Hëllef-Cours ass eng einfach a konkret Méiglechkeet, fir sech op eng Noutsituatioun virzebereeden. An e puer Stonne léiert Dir déi wichtegst Handgrëffer, déi Liewe rette kënnen.

Éischt-Hëllef-Coursë ginn iwwerall zu Lëtzebuerg ugebueden, ënner anerem vum Lëtzebuerger Roude Kräiz an dem CGDIS.

Wie sech méi engagéiere wëll, ka fräiwëllege Pompjee am CGDIS ginn an aktiv un de Missiounen vun der ziviller Sécherheet a senger Gemeng deelhuelen.

Éischt-Hëllef-Coursen

Croix-Rouge luxembourgeoise, Mënschen hëllefen



croix-rouge.lu

CGDIS



cours.cgdis.lu

Du brauchst ee fir ze schwätzen?

An enger Katastrophen- oder Krisesituatioun kommen dacks Gefiller vu Stress, Angscht oder Isolatioun op. An deene Momenter besteet déi éischt psychologesch Ënnerstëtzung doran, mat Versteesdemech nozelauschteren, ouni ze jugéieren, an ze berouegen, ze hëllefen, déi gewinnt Repèren erëmfefannen, an, wann néideg, un eng Persoun aus dem Ëmfeld, e Professionellen oder en Hëllefdsdängscht ze verweisen.

No engem Noper kucken, bei enger Persoun bleiwen, där et net gutt geet, oder konkret Hëllef ubidden, ka schonn e groussen Ënnerscheed maachen. Sozial Ënnerstëtzung a mënschlech Solidaritéit si wichteg, fir eng Kris ze bewältegen an de betroffene Persounen ze hëllefen, sech nees ze erhuelen.

Eng preparéiert a solidaresch Gemeinschaft ass ee vun de wäertvollsten Atouten, fir mat Krisesituatiounen ëmzegoen. Jidderee kann dozou bäidroen, dës kollektiv Resilienz ze stäerken.



[SOS Détresse](http://sos-detresse.lu)

Nätzlech Kontakter an Informationsquellen

Verloosst Iech ausschliisslech op offiziell Quellen, iwwerpréift Informatiounen, eier Dir se weidergitt (opgepasst op gefälschte Fotoen oder Videoen, déi mat kënschtlecher Intelligenz (KI) kreéiert goufen) a schränkt Är Uriff an, fir d'Leitungen net ze iwwerlaaschten.

Nätzlech Telefonsnummern

112

CGDIS
Rettungsdéngschter

113


POLICE
LËTZEBUERG

8002 7788

GRATISNUMMER
(kann am Krisefall aktivéiert ginn)



Benutzt d'Noutruffnummern (112 an 113) **nëmme bei engem richtigen Noutfall**. Maacht ni en Testuruff op dës Nummern.



D'Internetsitte vun der Regierung a vun de Rettungsdéngschter

lu-alert.lu
(kuckt Säit 12)

Warnungen an Informatiounsmessages,
Verhaltensregelen

infocrise.lu

Generell Verhaltensregelen
an Informatiounen iwwert Krisegestioun

letzprepare.lu

National Resilienzstrategie
a Verhaltensrecommandatiounen

112.lu

Noutruuffnummere, Rotschléi, Noutdéngschter
(Spideeler, Maison-médicallen, Apdikten)

police.lu

Police Lëtzebuerg

inondations.lu

Héichwaasserinformatiounen

seveso.lu

Informatiounen iwwer „SEVESO“-Gebaier
a Verhaltensregelen, wa geféierlech Substanzen
aus engem Industriegebai fräigesat ginn

meteolux.lu

Informatiounen iwwert d'Wiederprevisiounen
a Warnungen

cours.cgdis.lu

Éischt-Hëllef-Coursen

santesecu.public.lu

Informatiounen iwwer d'Noutdéngschter,
Garden, Pandemien, Hëtztwellen

Informatione vun der Gemeng

Internetsite, Affichage, Gemeindeblad, Informatiounsversammlungen,
Appen.

Meng Checklëscht fir 72 Stonnen



Ech preparéiere mech am Virus, fir bei enger Evakuatioun oder wann ech Schutz opsiche muss, autonom ze sinn.

Dës Lëscht enthält déi wichtegst Basiselementer. **Passt se un** déi spezifesch Besoine vun Ärem Stot un (Famill, Gesondheet) a **kontrolléiert** d'Oflafdatum op d'mannst zweemol d'Joer. Versuergt de Kit op enger sécherer, liicht zougänglecher Plaz, déi jiddwerengem am Stot bekannt ass.

lessen, drénken a kachen



- ☐ Waasser: op d'mannst **3 Liter pro Persoun** a pro Dag



- ☐ Onverderflech Liewensmëttel, déi liicht ze konsuméiere sinn.
Denkt och un Är Déieren.



- ☐ Basisgeschier: Multifunctions-Täschmesser, Béchsenëffner, Schéier, Bic, asw



- ☐ Kocher, am beschten e Gaskocher (mat Rechargen)
Gitt verantwortungsbewosst a sécher domat ëm!
Opgepasst op de Kuelemonoxid!



- ☐ Eidel Behälter (z. B. Fläschen)

Sech waarm halen



- ☐ Schlafsäck an/oder Decken

Geliits



- ☐ Täscheluucht oder Stierluucht mat zwee Sätz Ersatzbatterien oder eng Luucht ouni Batterie mat Kierb (Dynamo)



- ☐ Kärzen mat Fixspéin oder Briquet.
Gitt verantwortungsbewosst a sécher domat ëm!

Sech fleegen

-  ☐ Éischt-Hëllef-Trousse; Plooschteren, Kompressen, Desinfektant, Paracetamol...
-  ☐ Verschriwwe Medikamenter
-  ☐ Lingetten, Toilettëpabeier an Desinfektioungsgel
-  ☐ Jodpëllen (Dir kritt se op Ärer Gemeng)
Huelt dës nëmmen an, wann d'Autoritéiten dat recommandéieren.

Sech ëm sech selwer këmmen

-  ☐ Produite fir d'Kierperfleeg
-  ☐ Kleeder an Ersatzschong (jee no Saison)

Sech informéieren, a Kontakt bleiwen

-  ☐ Radio mat Batterien oder enger Kierb (UKW/FM an/oder DAB+), den Autoradio kann eng Alternativ sinn
-  ☐ Externen Akku (Powerbank) mat de passende Kabelen
-  ☐ Chargeure fir den Telefon an de Computer

Dokumenter

-  ☐ Kopie vun den Identitéits- a Versécherungspabeieren oder all anert wichtegt Dokument (Füerschéin, Pass) an eng waasserdichter Pochette
-  ☐ Perséinlechen Noutfallplang
-  ☐ Lëscht vun den nätzlechen Telefonsnummern (Famill, not Ëmfeld, Dokter, Noutrufnummern...)
-  ☐ Boergeld

Meng perséinlech Saachen:

☐

☐

☐

☐


☐

Am Fall vun enger Evakuéierung, denkt drun, follgendes matzehuelen:

-  ☐ Eng oder zwou Fläsche Waasser
-  ☐ Medikamenter, déi aktuell anzehuele sinn, an eventuell Rezepter
-  ☐ Kichelcher, Nëss oder Müüslirigelen
-  ☐ Handy mat Chargeuren
-  ☐ Portmonni mat Identitéitsdokumenter, Boergeld, Kreditkaarten a wichteg Pabeieren
-  ☐ Schlëssel vum Haus a vum Auto
-  ☐ Externen Akku (Powerbank) mat de passende Kabelen
-  ☐ Perséinlechen Noutfallplang
-  ☐ Lëscht vun den nätzlechen Telefonsnummern (Famill, not Ëmfeld, Dokteren, Noutrufnummern...)
-  ☐ Éischt-Hëllef-Trousse
-  ☐ Wichteg Hygiènesartikelen

Passt Ären Evakuéierungsrucksak un Är spezifesch Besoinen un (Kanner, eeler Leit, Hausdéieren, Medikamenter, asw.) a vergewëssert Iech, datt e lëcht bleift a sech einfach transportéiere léisst.

Mäi perséinlechen Noutfallplang



An engem Plang, dee mir gemeinsam opstellen, sammele mir:

- wichteg Informatiounen iwwer d'Membere vum Stot an iwwer d'Haus,
- Uweisungen, fir an engem Noutfall séier ze reagéieren.

Ech versuerge den Formulaire an digitaler an a gedréckter Form,
fir de Fall, wou meng Batterie eidel wier.

- ☒ **Fëllt** de Plang mat de Membere vun Ärem Stot aus.
- ☒ **Deelt** e mat Ärem noen Ëmfeld.

Dëse Formulaire
kann och online
ausgefëllt ginn:



Dëse Plang gehéiert

Numm Virnumm

Ausgefëllt den

..... / /

Adress

Aktualiséiert den

..... / /

.....

Uertschaft

.....

1. Bewunner am Stot

Erwuessenen/
Erwuessener

Kand/
Kanner



Numm Virnumm	Tel.	Blutt- grupp	Matricule	Sproochen

Kierperlech Aschränkungen

Bedarf un techneschen
Hëllefsmëttelen am Alldag
(Rollstull, Prothees)

Numm Virnumm	Aart vun Handicap

Medezinesch Informatiounen

Allergien an Intoleranzen

Numm Virnumm	Betraffe Liewensmëttel	Betraffe Medikamenter

Medikamenter, déi reegelméisseg geholl ginn

Numm Virnumm	Numm vum Medikament	Doséierung / wéi anzehuelen

Remarken

.....

.....

.....

.....

Hausdéieren

Aart	Numm	Informatiounen (Verhalen, Handicap, Krankheet, Behandlung)

2. De Stot

Wou ass wat ze fannen?	Plaz	Bemierkung
Feierläscher		
Haaptwaasserkrunn		
Gaskrunn		
Stroumzäler		
Elektresche Sécherungsschalter		
Chaudière / Klimaanlage		
Photovoltaikanlag		
Identitéitsdokumenter		
Preparatiouns-Kit		

Wou erausgoen, wann den Haaptausgang blockéiert ass?

.....

Wéi geet d'Garagépaart op, wann de Stroum ausgefall ass?

.....

Gëtt en zousätzleche Schlëssel gebraucht?

.....


Aner Informatiounen a Bezuch op d'Haus

.....

.....

.....

3. De Quartier



Persounen, déi hëllefen

Wéi eng Persounen aus Ärem Ëmfeld (Noperen, Frënn, Famill, Aarbechtskolleegen) kënnen hëllefen oder eng Hand upaken? Wéi eng Ekipement a Kompetenze si verfügbar?

Z. B.: handwierklech Geschéckerlechkeet, Éischt Hëllef, speziellen Ekipement, Keller...

Numm	Virnumm	Zort vun Hëllef	Tel.	Adress

Persounen, déi Hëllef brauchen

Wéi eng Persounen aus Ärem Ëmfeld (Noperen, Frënn, Famill, Aarbechtskolleegen) brauchen an engem Noutfall Hëllef?

Numm	Virnumm	Hëllef, déi gebraucht gëtt	Tel.	Adress

4. Am Noutfall

Diskutéiert mat Ären Noperen, Äre Frënn an Ärer Famill, fir dësen Deel auszefëllen, well si gehéieren zu Ärem Hëllefseureu am Noutfall.

Identifizéiert Ären nooste Brand-a

Rettungsdéngscht (CIS):

112.public.lu/fr/organisation/secours.html



Wou kënnen d'Familljememberen sech treffen, wa si getrennt sinn a sech net kontaktéieren kënnen (wann d'Haus net accessibel ass)?

Plaz 1

.....

Plaz 2

.....

Wéi informéiere mir eist Ëmfeld iwwer eis Situatioun (wann den Telefon net funktionéiert):

Optioun 1

.....

Optioun 2

.....

Wie kontaktéieren, wa mir eis net erreechen:

	Kontakt 1	Kontakt 2
Numm		
Virnumm		
Tel.		

Perséinlech Situatioun

D'Kanner sinn an der Schoul. Wie ka se siche goen, wa mir et net kënnen?

	Kontakt 1	Kontakt 2
Numm		
Virnumm		
Tel.		

Ech sinn op der Aarbecht, wat sinn alternativ Léisungen zum Auto /
öffentlechen Transport, fir heemzekommen?

Aner perséinlech Situatioun:

Bei wie goen am Fall vun enger Noutsituatioun?

	Plaz 1	Plaz 2
Numm		
Virnumm		
Tel.		
Adress		

5. Wichteg Telefonsnummeren

112

CGDIS
Rettungsdéngschter

113

POLICE
LËTZEBUERG

Benotzt d'Noutruffnummeren
(112 an 113) **nëmme bei engem
richtegen Noutfall.**

Maacht ni en Testuruff
op dës Nummeren.



Fournisseuren an Déngschtleeschter

	Numm / Gesellschaft	Clientsnummer	Tel.
Telekom-Provider			
Elektresch			
Gas			
Waasser			
Assurance			
Hausdokter			
Spezialist			
Schoul			
Aarbecht			
Bank			

Är Bemierkungen
